

Sommaire

- 5883 - Projet de loi modifiant et complétant a) la loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote; b) la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert, dénommé par la suite «Atert-Lycée»
 - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Fernand Diederich
 - Discussion générale: Mme Fabienne Gaul, M. Claude Meisch, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle (dépôt d'une documentation), Mme Anne Brasseur
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5881B - Projet de loi relative aux pratiques commerciales déloyales et modifiant
 - la loi modifiée du 30 juillet 2002 réglementant certaines pratiques commerciales, sanctionnant la concurrence déloyale et transposant la directive 97/55/CE du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 84/450/CEE sur la publicité trompeuse afin d'y inclure la publicité comparative;
 - la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales et modifiant l'article 4 de la loi du 2 juillet 1935 portant réglementation des conditions d'obtention du titre et du brevet de maîtrise dans l'exercice des métiers;
 - la loi modifiée du 16 avril 2003 concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance;
 - la loi modifiée du 18 décembre 2006 sur les services financiers à distance
 - Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. Alex Bodry
 - Discussion générale: M. Marcel Sauber, M. Eugène Berger, M. Jean Huss, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur (répond à M. Henckes)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Question urgente N°3309 de M. Fernand Etgen relative aux cas d'oreillons au Luxembourg
 - M. Fernand Etgen - M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
- 5940 - Projet de loi concernant la réhabilitation des installations hydro-électriques de Rosport et la mise en conformité de la continuité de la Sûre à Rosport
 - Rapport de la Commission des Travaux publics: M. Lucien Clement
 - Discussion générale: M. Carlo Wagner, M. Fernand Diederich, M. Robert Mehlen, M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion de M. Claude Meisch relative à la transformation de l'ADEM en établissement public et à l'élaboration d'un projet de loi renforçant le rôle de l'ADEM dans le domaine de la formation des demandeurs d'emploi et définissant les droits des chômeurs en fonction de leurs efforts propres déployés en matière de recherche d'emploi
 - M. Claude Meisch (retire la motion)
- Motion de M. Jean Huss relative à la participation à la Journée internationale contre l'homophobie avec campagnes d'information et de sensibilisation
 - Exposé: M. Jean Huss
 - Discussion générale: M. Marc Angel, M. Xavier Bettel
 - Vote (motion adoptée)
- 5952 - Projet de loi relatif à la réhabilitation des infrastructures techniques primaires de la Caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg à Diekirch
 - Rapport de la Commission des Travaux publics: M. Ali Kaes
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Romain Schneider, Mme Viviane Loschetter, M. Jacques-Yves Henckes, M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.29 heures)

» M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

» Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer elo de Projet de loi 5883 iwwert de Lycée-pilote an den Atert-Lycée. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno opgedeelt. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: d'Madame Gaul, den Här Meisch, den Här Adam an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions et hilarité)

1. 5883 - Projet de loi modifiant et complétant a) la loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote; b) la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert, dénommé par la suite «Atert-Lycée»

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» M. Fernand Diederich (LSAP), rapporteur.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi ass den 23. Mee 2008 duerch d'Madame Minister vun der nationaler Erziéiung déposéiert ginn. Den 19. Februar 2009 sinn Amendementë vun der Regierung ageerecht ginn. Den 3. Mäerz 2009 huet de Statsrot säin Avis ofginn, an de Projet de rapport, deen eis hei virläit, ass an der Réun-ioun vum 2. Abrëll ugeholl ginn.

D'Gesetz vum 25. Juli 2005 iwwert d'Schafung vun engem Lycée-pilote stellt déi legal Basis vum Neie Lycée duer, dee charakteriséiert ass duerch e Régime a plein temps; eng Aarbecht a pedagogeschen Équiper, zesummege-sat aus Enseignanten an Educateuren; en individuell Tutorat vum Schüler; eng Evaluatioun an engem Geescht vun Orientatioun, an eng Disponibilitéit vun den Enseignanten an de Raimlechkeete vun der Schoul während dem ganzen Dag.

De Moment bitt den Neie Lycée de Cycle d'orientation un, deen déi ënnescht Division an d'Classes polyvalentes vum Enseignement secondaire begräift, also vu Septième bis Quatrième, an den ënneschte Cycle vum Secondaire technique mat dem Régime préparatoire, also vu Septième bis Neuvième.

Déi éischt Evaluatioune vum Lycée-pilote, déi vun der Uni Lëtzebuerg a vun der Evaluatiounskommissioun mat international renom-méierte Pedagogen duerchgefouert goufen, ware positiv an ënnersträchen d'Zefriddenheet vun den Eltere souwéi d'Motivatioun vun de Schüler a bescheinegen hinnen am Däitschen, Franséische souwéi an der Mathematik en Niveau, deen duerchaus mat deene vu Schüler aus aneren Etablissementer vergläichbar ass.

Ëmmer méi Elteren a Schüler hu gefrot, déi pedagogesch Experienz vum Neie Lycée iwwert den éischte Cycle eraus ze verlängeren, sou datt d'Méiglechkeet vun enger Extensioun studéiert ginn ass.

D'Aféierung vum Cycle supérieur huet een duebelt Zil: éischstens, déi Matière-n ze enseigner, déi an den offizielle Programme virgesi sinn, fir d'Schüler op déiselwecht Schlussexame virzebereede wéi d'Schüler aus deenen anere Lycéeën; an zweetens déi Kompetenze verdéiwen, déi am Kader vum pedagogesche Modell am Cycle d'orientation entwéckelt gi sinn an déi op der aktiver Roll an dem autonome Schaffe vum Schüler baséieren.

De Gesetzesprojet gesäit dofir d'Aféierung vun engem Cycle supérieur vir, Cycle de formation genannt, dee modular organi-séiert ass. Hie begräift d'Divisi-on supérieure

vum Sekundarunterricht souwéi de Cycle moyen a supérieur vum technesche Secon-daire. D'Schüler kréien eng allgemeng tech-nesch a berufflech Formatioun, déi hinnen Zougank zu héijere Studië souwéi zum aktive Berufs-liewe bitt.

D'Schüler ginn ugeleet, Mémoires ze redi-géieren, déi als Suite zu deene Kompeten-zen, déi am ënneschte Cycle développéiert gi sinn, op eegener Recherche, dem Er-stelle vun enger Synthesen, op perséinlecher Reflexioun a Presentatioun baséieren. Op der Troisième gëtt de Mémoire als Gruppen-aarbecht realiséiert iwwer e Sujet aus der Culture générale, während op der Deuxième een individuelle Mémoire sech op d'Spezialitéit vum Schüler bezitt. An éischter Zäit ginn opgrond vun der Nofro vun de Schüler d'Sektiounen A, B, C, D vum Enseignement secondaire organiséiert. Sollt et sech als opportun erweisen, kënnen och Klassen am Cycle moyen a supérieur vum Secondaire technique geschafe ginn.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics stellt mat Satisfaktioun fest, datt de Gesetzesprojet prezis Bestëmmungen iwwert de Fonctionnement vun den eenzelne Cyclen enthält. Hirer Meinung no kéinten awer eenzel traditionell Disziplinen duerch d'Zesummeleee vum de Matière-n a Module benodelegt ginn, an d'Ënnerscheeder an de Programme tëschent dem Lycée-pilote an deenen anere Lycéeën kéinten de Pas-sage vun de Schüler vun engem Lycée an deen anere méi schwierig maachen.

De Statsrot hätt sech méi Detailler iwwert déi gemaachten Evaluatiounen erwaart, an e besteet drop, datt déi nei Approche, wéi d'Organisatioun a Modulen an d'Redaktioun vu Mémoires, enger seriöser Evaluatioun ën-nerzu gëtt.

D'Unterrechtseenheeten, d'Etüden an déi récréativ Phase gi während aacht Stonnen den Dag während fënnef Deeg an der Woch organiséiert. Fir d'Schüler vun den dräi éischte Joer, den dräi éischte Klassen also, ass d'Participatioun un de gemeinsame Molzeechte geneesou wéi hir Präsenz per-manent am Gebai obligatoresch, fir domat de Gedanke vun der Communautéit ze be-tounen.

De Bulletin, dee vun der pedagogescher Équipe ausgestallt gëtt, gëtt Opschloss iwwert d'Kompetenze vum Schüler an deenen eenzelnen Disziplinen, iwwert d'Aart a Weis wéi e matschafft, wéi seng Astellung zu dem Liewen an der Schoul ass. En enthält och Recommandatioune vum Conseil de classe a Propositionen, wat d'Orientatioun ube-laangt. Mat Ausnahm vun de Coursë vun der Formation morale et sociale a vun der Instruction religieuse, déi vun der Éducation aux valeurs ersat ginn, an der Redaktioun vun de Mémoirë sinn d'Matièren, déi en-seignéiert ginn, déiselwecht wéi op de Klasse vun der Troisième bis Première vun deene verschiddene Sektione vum En-seignement secondaire.

Mat Ausnahm vun der Éducation physique ass d'Formatioun opgedeelt an obligato-resch Modulen, déi noutwendeg si fir d'Vir-bereedung op déi ugestriefen Diplome, souwéi a Module mat Optiounen, déi net méi wéi ee Véierel vum Total vun de Modu-len dierfen ausmaachen.

D'Schüler kënnen u komplementären Aktivi-téiten deelhuele, zum Beispiill Theater, Konscht, Kultur, Handwierk. Zwou vun deenen Aktivitéite sinn obligatoresch, dorënner d'Éducation physique a sportive. All Schü-ler gëtt vun engem Tuteur suivéiert, deen en Enseignant aus der pedagogescher Équipe ass. Hie begleet de Schüler bei senger Aus-bildung, déi op ëmmer méi Autonomie aus-geriicht ass, an hien ass och e wichtegen Interlocuteur fir d'Elteren.

Hie gëtt bei dëser Aarbecht vun den Éduca-teurs gradués ënnerstëtzt, deenen hir Tâche folgend Punkte begräift: d'Zesum-menaarbecht mat de pedagogeschen Équi-pen, d'Organisatioun an d'Supervisioun vun den Etüden, d'Ënnerstëtzung an d'Beglee-dung vun de Schüler bei der Uneegnung vu soziale Kompetenzen, d'Ausaarbechtung vu socioéducative Projeten, d'Erziéung zum Liewen am Lycée an engem Kontext vu Kooperatioun a Participatioun.

Am Artikel 11bis gëtt d'Promotioun am Cycle de formation geregelt. Si geschitt op Basis vun der Evaluatioun vun de Modulen an den Ajournementer souwéi vun der Ak-zeptatioun vum Mémoire. All Modulen, all Ajournement gëtt duerch eng Note eva-luéiert. De Schüler, deen ongenügend No-

**Jeudi,
23 avril 2009**

ten huet a méi wéi engem Véierel vun de Modulen, fällt duerch. Ee Mémoire, deen net ugeholl gouf, kann eng zweete Kéier am September presentéiert ginn. An allen anere Fäll entscheet de Conseil de classe, ob de Schüler duerchkënnt, ob en duerchfällt oder een oder méi Ajournementer kritt.

Fir zu de Module vun der Première zouge-looss ze ginn, muss de Schüler d'Deuxième réusséiert hunn, hie muss dann also och seng Mémoirë bestan hunn. Den Artikel 11ter hält fest, dass den Examen de fin d'études secondaires vun de Schüler vum Neie Lycée deeselwechten ass wéi deen, dee fir d'Schüler vun deenen anere Lycéeë besteet, laut Artikel 60 vum ofgeännerte Gesetz vum 10. Mee 1968 iwwert d'Reform vum Enseignement secondaire.

D'Extensiou vum Neie Lycée bedénkt zousätzlecht Personal: Enseignanten, Educateurs souwéi administrativt an technesch Personal. Wann den Neie Lycée op Miersch wäert transferéiert ginn, kënnt ee Restaurant scolaire derbäi an en Internat fir honnert Plazen.

Am Artikel 2 gëtt festgehalen, dass iwwert d'Engagement vum Budgetgesetz eraus d'Regierung autoriséiert gëtt, folgend Personal anzustellen: fir de Cycle de formation zwee Educateurs gradués, Bibliothécaire, Informatiker, dräi Handwierker an dräi Employéeën; fir d'Internat aacht Educateurs gradués, e Concierge an en Employé, a fir de Restaurant scolaire véier Käch mat CATP a véier Käch ouni CATP an aacht Hëllefssaar-bechter.

Ausserdeem muss fir d'Internat vum Atert-Lycée zu Réiden sechs Educateurs gradués an d'Gesetz ageschriwwen ginn. Déi waren d'lescht Kéier am Gesetz iwwert de Réidener Lycée vergiess ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Extensiou vum Neie Lycée schreift sech an an de bildungspolitesche Reformkurs vun der Regierung. Mir wënsche vun hei aus de Schüler an den Enseignanten op dësem Wee bonne Chance, an ech ginn heimat och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Merci fir säi mëndleche Bericht. Als éischt Riednerin ass elo d'Madame Gaul agedroen. Madame Gaul, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Fabienne Gaul (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Här Rapporteur, dem honorabelen Här Fernand Diederich, villmools Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport.

Duerch d'Gesetz vum 25. Juli 2005 an d'Kreatioun vun engem Lycée-pilote huet den Neie Lycée seng legal Basis. Ech ginn net méi am Detail op de Fonctionnement vun dësem Lycée an, well de Rapporteur dëst schonn ausféierlech gemaach huet.

Erlaabt mer just e puer Neierungen aus dësem Schoulsystem erauszesträichen. Esou ginn am Neie Lycée d'Fächer a Form vu Modularer enseignéiert, wourop ech herno nach méi genau zrëckkomme wäert. Besonnesche Wäert gëtt och dorop geluecht, dass d'Schüler vu pluridisziplinären Équipes encadréiert ginn an dass all Schüler een Tuteur huet, dee sech ganz individuell ëm hie këmmert an hie während senger Schoulzäit begleet.

Am Moment ginn am Neie Lycée d'Klassen an der Division inférieure an d'Classes polyvalentes vun der Division supérieure vum Enseignement secondaire ugebueden - et geet also ëm d'Klasse vu Septième bis Quatrième - an d'Klasse vum Cycle inférieur vum Secondaire technique mam Régime préparatoire, also d'Klasse vu Septième bis Neuvième.

Et ass hei schonn ënnerstrach ginn, dass d'Vertraue vun den Elteren an och vun de Schüler selwer an den Neie Lycée säit senger Ouverture ëmmer méi grouss ginn ass a weider gëtt. An dat mat Recht: Souwuel eng Evaluatioun vun der Uni Lëtzebuerg wéi och d'Resultater vun enger spezieller Evaluationskommission si positiv. Deemno sinn d'Connaissancë vun de Schüler aus dem Neie Lycée am Däitschen, am Franséischen an an der Mathematik vergläichbar mat deene vun de Schüler aus deenen anere Lycéeën.

Do dernieft hunn dës Schüler eng Rei vu Kompetenzen opgebaut, op déi an anere Schoulen net esou vill Wäert geluecht gouf. Si si geléiert ginn, an der Équipe ze schaffen, eegestänneg Recherchen ze maachen an dës och selbstänneg unzewenden.

Dës Etüde beleeeën awer och déi grouss Motivatioun vun de Schüler an hiren Elteren,

déi et gëllt ze ënnerstëtzen. Well do, wou ee motivéiert ass, do léiert ee besser an och méi effikass.

Dëse Projet de loi N°5883, deen den 23. Mee 2008 vun der Éducationnministesch an der Chamber déposéiert gouf, ass also eng logesch Suite vum Gesetz vum 25. Juli 2005. De Succès vun dem Projet Neie Lycée gëtt den Elteren an de Schüler Recht, dass si och an dem ieweschte Cycle wëlle vun dësem Schoulssystem profitéieren.

Dëse Projet de loi proposéiert also d'Schafe vun engem Cycle supérieur am Neie Lycée, dee souwuel déi Matière enseignéiert, déi am Programm stinn, well d'Schüler sech jo deemselwechten Examen de fin d'études stelle mussen wéi d'Schüler aus deenen anere Lycéeën. Anerersäits sollen déi Kompetenze weider ausgebaut a gefördert ginn, déi am Cycle inférieure opgebaut goufen, wéi eegestänneg Schaffen, Recherche maachen, Zesammenhäng hierstellen an esou weider, well et sinn dës Qualitéiten, déi ëmmer méi wichteg ginn an och op den Universitéite gefrot ginn. An esou stelle si eng optimal Preparatioun fir d'Schüler duer.

Et gëtt also elo nom sougenannte Cycle d'orientation och e Cycle de formation geschaaft, deen d'Division supérieure vum Enseignement secondaire an de Cycle moyen a Cycle supérieur vum Enseignement secondaire technique beinhalt. Fir d'éischt ginn d'Sektionen A, B, C an D ugebueden, well dëst der Demande vun den aktuelle Schüler entsprécht. Jee no Besoin kënnen dës Angeboter awer an Zukunft och nach ausgebaut ginn.

D'Organisation a Modularer erlaabt méi e rationaalt Léieren, an doduerch, dass eng Partie Coursë gemeinsam mat Schüler vun anere Sektione stattfénnt, gëtt den Austausch ënnerenee favoriséiert, an d'Schüler léieren och scho fréi, mat kritischeschen oder anere Meenunge konfrontéiert ze ginn an an der Diskussioun no Léisungen ze sichen.

Dës Method verhënnert och en Duerchfalen op ganzer Linn, wat oft schold un engem Schoulofbroch ass. Sou kann een duerch aus weiderkommen a just dee Modul musen nei maachen, deen een net gepackt huet. Op dës Manéier gëtt vill onnéideg Frustratioun verhënnert, an d'Schüler kréien net dat Gefill vermëttelt, dat si versot hunn. Villméi gëtt ee belount fir dat, wat ee kann, amplatz gestrooft ze gi fir dat, wat een nach net esou gutt beherrscht.

Et soll een allerdéngs net mengen, dass dat heescht, dass ee säi Joer geschenkt kréich an dass alles méi einfach gëtt. Au contraire. Et gëtt just villes der Realitéit méi ugepasst. Sou gëtt all Modul ofgeschloss duerch en Examen, dee mam Examen de fin d'études vergläichbar ass. Sou ginn d'Schüler besser op dësen Exame virbereet, an hinne soll esou fréi wéi méiglech d'Angscht virun esou engem Exame geholl ginn. Op déi Manéier verhënnert een, dass dee sougenannte Premièrsexamen deen éischten Examen ass, mat deem d'Schüler konfrontéiert ginn.

Vill Wäert gëtt am Neie Lycée op d'Schreiw vu Mémoirë geluecht, wat bis elo an der Schoul net systematesch geléiert ginn ass, wat awer wichteg ass fir en eegestänneg Schaffen an lwwerleeën, wat all Schüler herno och am Berufsliewe wäert brauchen.

An deem Sënn gesäit de Cycle de formation, deen duerch dëse Projet de loi agefouert gëtt, vir, dass op der Klass vun Troisième e kollektive Mémoire an op der Klass vun Deuxième en individuelle Mémoire geschriwwen gëtt. Esou sinn d'Schüler nom Lycée scho gewinnt, selbstänneg Aarbechten ze verfaassen a müssen dëst net eréischt op enger Uni oder op enger eventueller Aarbechtsplaz léieren, wat e considérable Virdeel duerstellt.

D'Afféiere vun dësem neie Cycle ass natierlech verbonnen mat dem Besoin no méi Personal, wat duerch dat neit Angebot entsteet. Anerersäits gesäit dëse Projet de loi e Renforcement vum Personal vum Atert-Lycée vir - den Detail dozou huet den Här Rapporteur eis schonn duergeluecht.

Natierlech muss d'Reussite vum Neie Lycée nach méi genau evaluéiert ginn, mä déi éischt Bewäertungen, souwuel vu bausse wéi och vun den Elteren a Schüler selwer, beweisen, dass dëse Lycée um gudden Wee ass, an dass et wichteg ass, dass dës Schüler hir ganz schoulesch Carrière an dësem System kënnen maachen a sech net no e puer Joer erëm müssen un en anere Schoulssystem gewinnen, do, wou dann och déi Kompetenzen, déi am Neie Lycée opgebaut goufen, net méi onbedéngt systematesch weidergefouert ginn.

Dëst ass also e sënnavolle Projet, deen et gëllt ze ënnerstëtzen, an ech ginn heimat och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Gaul Merci. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Meisch (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Alleréisch soen, dass mer als Fraktioun - déi allermeeschte Memberen op jidde Fall aus der Fraktioun - dësem Projet wäerten zoustëmmen, obscho mer den initiale Projet zum Neie Lycée ofgelehnt hunn, an obscho mer haut eigentlech och nach ëmmer eng Rei vu Bedenken, Kritiken, Suggestiounen, Commentairen ze maachen hunn. Et ass eis awer wichteg, dass e Projet, dee lancéiert gouf, déi Schüler, déi dorobber vertraut hunn, net an eng Sakgaass féiert, an dass een deenen d'Méiglechkeet gëtt, an deem Projet do kënnen weider ze evoluéieren, weider hir Formatioun kënnen ze maachen, déi dann och zu engem Schloss féiert.

Eng vun de Kritiken, déi mer beim initiale Projet haten, dat war d'Evaluatioun vun dem Projet. Hei gëtt gesot, dass positiv Resultater ze verzechnen wären. Allerdéngs ass et hei - wéi mer gradesou och bei Eis Schoul gesot hunn - wichteg an eisen Aen, dass dës le départ vun esou engem Schoulprojet d'Critères d'évaluation definéiert ginn, dass eng neutral Evaluatioun ka stattfannen, eng Evaluatioun vu bausse, an net nei geschafen Institutiounen sech selwer sollen evaluéieren, fir herno kënnen en objektive Rapport ze maachen an objektiv Konklusione kënnen ze zéie par rapport zu deem, wat ee sech als Ambitioun am Ufank vun engem Projet gestallt huet.

Et ass en anere Bedenken: Nach wie vor deen, dass mer hei eng Schoul fonctionnéieren hunn, déi aner Moyenen huet, méi Moyenen huet wéi aner Schoulen uechtert d'Land. An do si mer mat Sécherheet d'accord, fir op nei Weeën an der Éducation ze goen. Mir mengen allerdéngs, dass een ëmmer muss mat deene Moyënë schaffen, déi eben do sinn. A wa mer nei Weeër wëlle goen, a wa mer wëlle kucken, ob den neie Wee dann och éischter kann erfollegräich sinn, ob en e bessere Wee duerstellt, da muss een natierlech och kucken, ob ee mat deeneselwechte Moyënë geschafft huet wéi op anere Plazen. A wann déi dote Schoul eppes soll sinn, wat herno géif verallgemeinert ginn, muss ee jo awer kucken, dass d'Moyenen nach ëmmer déi bleiwen, wéi mer se ebe bereet sinn, fir eisen Enseignement zur Verfügung ze stellen.

Hei ass et och ee Schoulprojet, dee separat gekuckt gëtt, ee Projet, deen am Koalitionsaccord definéiert gouf, woubäi den Impakt vun dësem Projet op dee ganzen Enseignement natierlech och limitéiert ass an nëmme ka limitéiert sinn. Duerfir hätte mir eis eng aner lwwerleeung gewënscht, eng lwwerleeung, wou mer e Kader definéieren, innerhalb vun deem all Schoul eigentlech hätt kënnen hire Wee aschloen, hire System definéieren, hire Projet selwer definéieren, mat deene Leit, déi do schaffen, en fonction vun deene Besoinen, déi an där Schoul, an där Region noutwendeg sinn.

Mir bleiwen der Meenung, dass mer net nëmmen ee Schoulssystem hei zu Lëtzebuerg brauchen, eng Aart a Weis fir Schoul ze halen, mä dass do eigentlech Villfalt ugesot ass, well mir hu jo net nëmmen ee Kand hei am Land, an all Kand ass verschidden, an déi Äntwerten, déi mer op d'Problemer vun deenen eenzelne Kanner ginn, müssen dohier an eisen Aen och kënnen verschidden sinn.

Gelunge fanne mer et dohier - an duerfir wëll ech eigentlech och net op den Detail vum Projet de loi agoen -, dass hei nach ëmmer vum Gesetzgeber definéiert gëtt, wéi Schoul gehale gëtt, wéini - hunn ech héieren zum Beispill - dass d'Präsenz vun de Schüler obligatoresch ass, dass déi musse mëtten an der Mëttesstonn do iessen. Dat ass jo awer scho gelungen, dass mer dat müssen an e Gesetz schreiwen.

Duerfir proposéiere mir nach emol, dass een d'Verfassung soll änneren, fir eben eng Rei vu Kompetenzen dem Gesetzgeber ewechzehuelen an der Regierung do méi Pouvoir ze loosse, fir iwwert d'Éducation organisatoresch an de Schoule kënnen aktiv ze ginn, ouni dass all Kéier hei dofir de Gesetzgeber säin Accord soll ginn.

Wann ech hei ronderëm kucken, da gëtt et bestëmmt eenzel Leit, déi vu Pädagogie munches a ganz villes verstinn. Ech ziele bestëmmt net zu deenen. An nach aner Kolleege kënnen och schwéier beuerteelen, wéi soll Schoul gehale ginn, wéi richteg Schoul gehalten a wéi falsch Schoul gehale gëtt. Duerfir menge mer, dass mer dat net onbedéngt der Politik sollen iwwerloossen, mä mer sollen et prioritär de Pädagogen, de

Schoulmeeschteren, de Léierinnen iwwerloossen, wéi an de Schoule geschafft gëtt a wéi net do geschafft gëtt.

D'Politik soll eng Aufgab hunn, fir e Kader ze setzen. E Kader, innerhalb vun deem verschidde Schoulprojete Plaz kënnen hunn. D'Politik soll Bildungsziler definéieren. D'Politik soll dann och duerch eng kompetent an eng onofhängeg Evaluatioun kucken, ob déi eenzel Schoulen déi Bildungsziler dann och erreechen. Dat schéngt eis méi e sënnavolle System ze sinn, wéi just mat engem Projet ze kucken, ob eng aner Schoul da besser Resultater bréngt, well dann hu mer e System, dee vu sech selwer léiert, dann hu mer e System, deen den eenzelne ganz verschiddene Kanner an Erausforderunge queesch uechter eist dach klengt Land éischter ka Rechnung droen.

Wat eis dobäi wichteg ass, bei deene verschiddene Projeten a grad och bei dësem Projet, ass, dass et zu all Moment méiglech bleift, dass e Kand vun där doter Schoul an eng aner ka wiesselen, dass et net e ferm Engagement ass, well d'Liewenssituatioun vun de Kanner ass oft déi vun den Elteren, an do kënnt oft eppes dertëscht. Eleng duerch de Fait, dass een, zum Beispill, plënnert, huet een herno op eemol Problemer, seng Schoul do kënnen fäerdeg ze maachen. Oder wann een op eemol festgestallt huet, dass dat, wat ee sech vun där Schoul erwaart huet, awer dann net dat bruecht huet, oder ee sech eigentlech awer an deem System do net esou zurechtfonnt huet, däreft dat net dozou féieren, dass een herno net méi kann an de konventionelle System zrëckwiesselen.

Do wou meng Fraktioun op jidde Fall ganz d'accord ass, dass ass dee Volet iwwert den Atert-Lycée, e Lycée, dee vun der Éducationnministesch Madame Brasseur initiéiert gouf, eent vun deene villen neie Gebaier uechtert d'Land, déi déi lescht Jore geplangt, realiséiert an a Betrib geholl gi sinn. A mir gesinn eigentlech och, wat de positiven Impakt ka si vun esou enger Schoulinfrastruktur, notamment och am ländleche Raum, déi de ländleche Raum belieft, déi d'Jugend am ländleche Raum beléisst, déi och d'Liewensqualität, mengen ech, virun allem vun de Schüler do daitlech eropsetzt, dass déi wäit Transportweeër, déi bis elo noutwendeg waren, do net méi noutwendeg sinn.

Vun esou enger Schoul aus ka ganz besonnesch och am ländleche Raum ëmmer erëm munchen Impuls ausgoen op déi Gemengen, op déi Betriber, déi do sinn, och op d'Wirtschaftsentwécklung an deem Raum an op d'Entwécklung vum Wunnraum an deem Raum. Duerfir si mer selbstverständlech d'accord, fir dat, wat am éischte Worf do nach net esou konkret geregelt war, dann an dësem Projet de loi mat ze definéieren.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Meisch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Diederich, Merci soe fir säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport. Den Inhalt vun dësem Gesetz ass vun him a vu menge Virriedner ausgiebig duergeluecht ginn.

Léif Kollegeinnen a Kolleeegen, ech hunn, wéi ech mech op dësen Discours virbereet hunn, d'Debatt vun 2005 iwwert de Projet de loi portant création d'un lycée-pilote, deen och haut nach ëmmer ënnert dem Numm Neie Lycée leeft, gelies. Ech hunn zu menger perséinlecher Satisfaktioun festgestallt, dass déi Aussoen, déi ech de 5. Juli 2005 hei an der Plénière am Numm vun der Grénger Partei zu dësem Projet gemaach hat, mer och haut nach korrekt erschéngen. Ech wëll duerfir och net méi op déi verschidde pedagogesch Erneierungen an Ënnerscheeder par rapport zu deenen anere Lycéeën agoen.

Ech stellen e bëssen zu mengem Erstaune fest, dass eis Pilotschoul eng Virleift fir Examen entwéckelt huet, déi mir eis an där Form net onbedéngt vun dëser Schoul er-

waart haten. «Il est prévu de clôturer chaque module par une épreuve de même type que celles de l'examen de fin d'études secondaires.» - steet am Exposé des motifs. Mir wëssen net, wéi vill Modular organiséiert ginn, an och net, wat an déi Modular agepaakt gëtt. D'Prézisiounen dozou sinn, wéi esou oft, a verschiddene Règlements grand-ducaux ugekënnegt, déi mer weder kennen nach beaflosse kënnen.

Gelif?

(*Interruption*)

» **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Et deet mer leed, Här Adam, mä deen ass derbäi am Dossier. De Règlement grand-ducal iwwert d'Modulen ass am Dossier dran.

» **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*).- Madame Minister, dann hutt Der mech elo gutt kritt! Ech hunn de ganzen Dossier bei mer. Ech hunn deen dann iwwersinn.

(*Hilarité*)

Ech wollt awer och derbäi soen,...

(*Interruptions diverses*)

Ech kommen och nach...

Wann Der lech elo berouegt hutt, da wëll ech awer derbäiflécken, datt ech gutt kann domat liewen, och wann ech déi Règlements grand-ducaux iwwersinn hunn, well ech der Meenung sinn, grad wéi den Här Meisch, datt et net un der Politik ass, fir sech an d'Pedagogik allze wäit anzemëschen. Et ass un der Politik, fir e Kader ze stellen, fir eng Rumm ze stellen, fir datt eng Schoul ka fonctionnéieren. A wann ech feststellen, datt ebe ganz vill där Exame sinn, dann ass dat eng Feststellung, déi mech e bësse wonnert, mä déi ech awer weider net kommentéiere wëll.

Den Neie Lycée ass e Projet, deen deene Gréngen zënter der éischter Stonn un d'Häerz gewuess ass. Duerfir wëll ech e bësse méi detailléiert op e puer Aspekter agoen.

Ier ech dat maachen, erlaben ech mer awer e klenge Pick op d'Kolleege vun der Demokratescher Partei.

Ech hat schonn an der Debatt 2005 mat Erstaunen a Schrecke festgestallt, datt d'Demokratesch Partei sech kloer als Partei vun der Erzéiung vum 20. Jorhonnert festgeschriwwen huet an net op de Wee vun neie pedagogesche Mesuré wëllt matgoen.

» **M. Carlo Wagner** (*DP*).- Dir erschreckt schnell!

» **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*).- „Mir als Fraktioun vun der DP...“, hat deemools d'Madame Brasseur gesot, „...kënnen net fir dëse Projet stëmmen, an dat, well mir fanne, dass éischters dëse Projet iwwert de Knéi gebrach ass; zweetens, well déi pedagogesch Approche an déi falsch Richtung geet; drëttens, well d'Schüler net op d'Erausfuederunge vu muer preparéiert ginn; véiertens, well d'Schüler net geléiert gi sech der Konkurrenz ze stellen an dofir spéider sech um Aarbechtsmaart net wäerten zurechtfannen; fënneftens, well schwaach Schüler riskéieren de richtegen Tratt ni ze fannen; sechstens, well den Elteren an de Schüler eppes virgegaukelt gëtt, a siwentens, well d'Schüler riskéieren hei an eng Sakgaass ze geroden.“

Mir stellen haut fest, datt d'DP zwar keng 180-Grad-Kéier kritt huet, mä wann ech den Här Meisch richtig verstanen hunn, wäerten déi meescht vun den Deputéierte vun der DP-Fraktioun fir de Projet stëmmen.

Ob dat elo den Ausdrock vun enger neier politescher Richtlinn ass, oder just den Ausdrock vum Profil vun enger typescher Sandalepartei - no alle Säiten op -, wéi den Här Juncker dat en Dënschdeg an de Raum gestallt huet, dat bleift dann nach ze klären.

(*Interruptions diverses*)

» **M. le Président**.- Erlaabt Der, Här Adam, dass d'Madame Brasseur lech eng Fro stellt?

» **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*).- Wann dat der Madame Brasseur Freed mécht, selbstverständlech.

» **Mme Anne Brasseur** (*DP*).- Här Präsident, den Här Adam huet mech elo grad zitéiert, wat ech zu deem Projet 2005 gesot hunn. Et huet ee kee Commettant, wann ee schwätzt. Ech hunn do geschwat, an ech hunn déi Zäit eng Meenung vertrat, an ech hunn haut nach ëmmer déiselwecht Meenung. Ech hu meng Meenung net geännert, wat d'Approche vun deem Neie Lycée ass. An duerfir wäert ech och dee Projet, dee mer haut virleien hunn, deen d'Verlängerung vun deem Lycée virgëtt, net stëmmen, aus deene Grënn justement, déi Der elo grad zitéiert hutt.

» **Une voix**.- Voilà!

» **M. le Président**.- Madame Brasseur, et war zwar keng Fro, dat do. Ech géif lech och déi nächste Kéier bieten, eng Fro ze stellen.

(*Interruptions*)

» **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*).- Ech ginn dovun aus, datt een hei awer och als Vetrieder vu senger Fraktioun schwätzt. Op alle Fall schwätzen ech net nëmmen a mengem Numm, mä och als Verrieder vun der grénger Fraktioun.

Ech kommen dann och elo op déi Punkten zréck, wou ech mech e bësse méi ausféierlech wëll mat dësem Projet befaassen. Den ursprüngeleche Projet war jo op de Cycle inférieur begrenzt. Dat war eng relativ wichtig Contrainte. Déi Responsabel vum Neie Lycée hätten eigentlech misse vun Ufank un hiren Enseignement esou ausrichten, datt den Iwwergank an den traditionelle Schoul-system schonn no dräi respektiv véier Joer géif erfollegen.

Den deemolege Rapporteur, den honorabelen Här Scheuer, hat dozou gesot: „De Lycée-pilote geet an en traditionelle Schoul-system iwwer, also mussen och d'Leesch-tunge vun den Élève vergläichbar si mat deene Leesch-tungen, déi vun den Élèven am traditionelle System verlaangt ginn; also brauche mer eng objektiv novollzéibar Zertifikatioun.“

De Fait, datt mir elo de Projet pilote op dee ganze Lycée ausweiden, ass an eisen Aen net just en Detail. Et ass eng wichteg an déif gräifend Décisioun. Dës Décisioun gëtt dem Neie Lycée souzoe Filleken. Si erlaabt dësem Lycée, sech vill méi wäit vun der sougenannter traditioneller Schoul fortzeweegen, wéi dat den ursprüngeleche Projet erlaabt huet.

Mir sinn och der Meenung, datt hei net ëmmer mat ganz offene Kaarte gespiilt ginn ass. Den Direkter vum Neie Lycée huet scho ganz fréi dovu geschwat, säi Lycée géif bis op eng Terminale ausgebaut ginn.

Och de Projet, deen zu Miersch soll realiséiert ginn, huet vun Ufank un op dausend Schüler gezielt, also vun Ufank un op e kompletten Zyklus. Den Datum, wéini dann dat Gebai zu Miersch soll fäerdeg sinn, kenne mer net. D'Schouljoer 2010/2011, wéi et am Rapport steet, ass net realistesch. Am Rapport d'activité 2008 vum Ministère de l'Éducation nationale steet just, datt dat 2011 oder 2012 sollt sinn.

Ech erënneren drun, datt mer hei op de Wee vun engem PPP, also engem „public private partnership“ gaange sinn, fir datt et méi séier sollt viruoen.

Et ass och ëmmer e bësse frustrant ze gesinn, datt eis Classiquesschüler méi ziele wéi all déi aner. Am Exposé des motifs steet, et wier verständlech, wann Elteren a Schüler ëmmer méi géifen dorop drängen, datt hir Kanner kéinten déi Erfahrungen, déi se gemaach hunn, weiderféieren. Jo, dat ass verständlech. Mä dat wier och schonn dëst Joer verständlech gewiescht. Den Drock vun de Secondaireselteren a -schüler schéngt méi staark ze si wéi dee vun de Secon-daire-techniques-Leit.

Et grenzt fir DÉI GRÉNG och schonn e bës-sen u Sarkasmus, wann am Rapport vun der Kommissioun steet, et géifen an enger éischer Phas emol just d'Sektiounen A, B, C an D vum Secondaire ageriicht ginn, well dat der Demande vun de Schüler vun der Division inférieure a vun der Quatrième aus dem Pilotlycée géif entsprechen. Hei béit sech ee Pilotprojet seng Argumenter e bës-sen esou, wéi et him an de Krom passt. Ëmmerhin erlaabt awer d'Gesetz, datt och e Cycle moyen a supérieur vum Technique eng Kéier nokënn.

Léif Kolleginnen a Kollegen, den Neie Lycée ass e Pilotprojet - ech hunn et scho gesot -, deen eis vun der éischer Stonn un um Häerz louch, dee mir ëmmer ënnerstëtzt hunn, meeschtens mat méi Enthusiasmus wéi deen een oder anere Verrieder vun enger Regierungspartei.

Et fält mer haut awer schwéier, den Appui vun der Grénger Partei zu dësem Projet vun

haut ze ginn. Niewent der Tatsaach, datt mir eng gewëssen Ontransparenz vun Ufank un hu misse feststellen, wéi ech elo grad erkläert hunn, kënn och nach derbäi, datt fir eis d'Evaluatioun vum Projet absolut net zefridde stellend ass.

Am Exposé des motifs an am Rapport steet - an den Här Rapporteur huet et och gesot: «Les premières évaluations du lycée-pilote menées par l'Université du Luxembourg et par la Commission d'évaluation et d'innovation pédagogiques du lycée-pilote regroupant des pédagogues de renommée internationale ont été très positives.»

Dat freet eis. Mir gratuléieren! Mir haten eis dat jo och esou erwaart. Duerfir ënnerstëtze mir dee Projet och vun Ufank un. Mä vläicht hätt een och nach missen an den Exposé des motifs e Saz aus dem Johannes-Evangelium schreien: „Selig sind, die nicht sehen und doch glauben.“ Et sief dann, ech hätt do och eppes iwwersinn.

(*Interruption*)

Mir si manner gleeweg wéi d'Kolleege vun der Majoritéitspartei. Mir hätte gare Fakten. Mir erwaarden nach keng definitiv Evaluatioun, mä ech krut net eng eenzeg Pièce vun iergendengem Institut presentéiert, wéi ech an der Kommissioun duerno gefrot hunn.

Léif Kolleginnen a Kollegen, wann ech bedenken, wéi vill am Kader vun der Schoulreform vun Evaluatioun geschwat gëtt, wéi oft gesot gëtt, d'Uni géif e Projet evaluéieren, a wéi wéineg um Terrain geschitt, a wéi wéineg transparent dat alles ass, da maachen ech mir Suergen. Suergen, net just iwwert den Neie Lycée, neen, och Suergen iwwert déi ganz Schoul-entwécklung an alles, wat ënnert dem Be-grëff Schoulreform zu Lëtzebuerg ugekierbt ginn ass.

An ech maachen eng Klammer op, speziell och fir den Här Fayot, als Reaktioun op seng Ausso an der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun vu gëschter. DÉI GRÉNG erkennen un, datt no jorelaangem Immobilismus Bewegung an d'Schoullandschaft komm ass. An dat ass gutt esou.

Mir soen awer och ganz däitlech, datt déi positiv Gedanke vun der Reform alles anescht wéi gesécher sinn. Wann een de Bilan vun der Schoulpolitik vun enger Legis-laturperiod mécht, dann ass et ze vill ein-fach, just alles opzezielen, wat lassgekappt ginn ass. Da muss een och opzielen, wat zu engem gudden Enn bruecht ginn ass. Klammer zou.

Ech sinn an der Kommissioun op de Rap-port d'activité 2008, deen am Mäerz 2009 publizéiert ginn ass, verwise ginn. Do wier een Usaz vun enger Evaluatioun. Dat, wat do op zwou Säite vun der Communauté scolaire festgehal gouf, ass net ganz expli-zit, awer och net iwwerraschend, an awer scho licht am Widdersproch zu munchem, wat hei am Gesetz festgehal gëtt. Zum Bei-spill steet do „le mélange des élèves des différents ordres d'enseignement“ géif déi sozial Mixitéit begënschtegen an d'sozial Segregatioun bekämpfen. An enger éischer Phas baue mir awer nëmmen de Secon-daïre aus. Déi aner Schüler müssen no der Neuvième goen.

D'Klassebibliothéike gi gelueft. Am Projet vun haut gëtt vun der Zentralbibliothéik geschwärmt. Iwwert d'Hausaufgabe steet kee Wuert do. Do sollt den Neie Lycée och emol éierlech mat sech selwer sinn. Do sollt all Enseignant nach eng Kéier noliesen, wat am Glossaire steet. Ech soen lech et elo. Do steet: «Devoirs à domicile - Fardeau de l'enfance et de la jeunesse! Et des mères de famille! Avec les inégalités sociales qui s'en trouvent renforcées!» - an esou weider. An da misst ee vläicht déi eege Praktiken iwwerdenken an déi Prosa, déi ech lech elo grad hei zitéiert hunn, ëmschreien.

Et bleift och d'Fro, wéini datt dann e puer vun deene Mesuren, déi als gutt a richtig agestuuft gi sinn, och zaghaft hir Répercus-siounen op déi sougenannten normal Ly-céeë kréien.

Och e puer Wuert zu deenen zwee Interna-ter. Mir kréien zwee Internater, déi allen zwee honnert Plazen hunn. Do brauche mir och Personal fir den Encadrement. Zwielf Schüler fir en Agent d'encadrement. Agent d'encadrement misst dann ee Synonym fir Educateur gradué sinn.

Dozou dräi Gedanken. Éischters, dat ass eng gutt Saach. Mir sinn der Meenung, datt mir Plazen an Internater brauchen. Mëttel-fristeg 200 Internatsplaze méi: Do si mir mat.

Zweetens, een Internat fir honnert Schüler, dat fanne mir keng gutt Iddi. Dat ass eis vill ze grouss. Ech weess net, wéi eng Rentabi-litéitsberechnungen do gemaach gi sinn. Mir mengen, dat gëtt vill Problemer. Fréier

sinn déi meescht Schüler an en Internat gaangen, well se e reellen Transportpro-blem haten. Dat ass op alle Fall eng Situa-tioun, wéi ech se nach aus menger eegener Lycéeszäit am Dikrecher Kolléisch kennen. Haut sinn déi Transportproblemer méi kleng, gëllen eventuell nach fir den Neie Ly-cée, wou Schüler aus dem ganze Land kommen. Am Prinzip gëlle se manner fir den Atert-Lycée. An en plus schwätze mer jo och hei vu Ganzdagsschoulen. Mir hunn also nëmme méi een Aller an ee Retour.

Mir brauchen haut Internater och ganz oft aus familiären oder soziefamiliäre Grënn. An da kommen ech zum drëtten Punkt. Dat heescht nämlech dann oft, datt déi Kanner, déi an den Internat ginn, oft besonnesch vill Betreierung an Encadrement brauchen.

Ech wëll keng Kanner ofstempelen. Dat ass och bestëmmt net bei alle Kanner de Fall, mä et huet och kee Wäert, fir d'Ae virun dë-ser Realitéit zouzemaachen. An duerfir ge-séiche mir léiwer kleng Internater bei ville Schoulen, wéi grouss Internater bei wéineg Schoulen. Mir stelle mat där ganzer Proble-matik och de Schlëssel vun zwielf Inter-natsschüler pro Educateur gradué a Fro.

Léif Kolleginnen a Kollegen, als kritesch Frënn vum Neie Lycée musse mer feststel-len, datt mir mam Projet vun haut, vu datt mer keng Evaluatioun virleien hunn, alt erëm eng Kéier eng sympathesch zwar, mä trotz-deem eng Kaz am Sak verkaaft kréien.

De Statsrot huet ähnlech Bedenke wéi mir. Als kritesch Frënn vum Neie Lycée stelle mer fest, datt hei e pedagogesch Konzept ausgebaut gëtt, ee Konzept, wat eis sympa-thesch ass a wou mir och gleewen, datt et sech bewährt. Mir sinn allerdéngs net ze-fridde mat der Aart a Weis, wéi hei geschafft gëtt. Wann dëse Projet soll national Réper-cussioune kréien, da muss hei méi Transpa-renz geschaf ginn. Als kritesch Frënn vum Neie Lycée gesi mir et als eis Pflicht, op dës Mängel vun Transparenz a Konsequenz bei dësem Projet de loi hinweisen. Wat notzt engem ee Frënd, wann dee Frënd engem net seet, wat e fir d'Wourecht hält?

Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi. Ech stellen allerdéngs fest, datt eis Begeeschterung, déi bai dem initiale Projet vun 2005 nach on-gebrems war, sech e bësse geluecht huet. Ech ginn dovun aus, datt d'Madame Minis-ter eis seet, wéi et dann elo weidergeet mam Neie Lycée. Mir kënnen jo elo Klasse bämaachen, déi nei Raimlechteken zu Miersch si jo awer nach soubal net fäerdeg.

An dann zum Schluss nach een ausdréck-leche Wonsch: Tëschent der Visite vun der Chamberskommissioun an „Eis Schoul“ an der Diskussioun iwwert den Neie Lycée vun haut krut ech um Kaffisdësch erzielt, „Eis Schoul“ soll anscheinend an een, zwee Joer zougemaach ginn. Dat kann ech mer net virstellen. Ech hunn esou ongleeweg gekuckt wéi d'Madame Minister. Ech sinn dunn informéiert ginn, datt net „Eis Schoul“, École de recherche gemengt wier, mä eng éischer méi kleng Schoul vun enger Édifi-Struktur. Och dee Fait verdéngt eng Kéier kommentéiert ze ginn. Et ass awer net dee richtege Moment hei.

Firwat hunn ech déi Geschicht erzielt, Ma-dame Minister? Ech erklären dat. Ech fan-nen, datt et héich Zäit ass, datt „Eis Schoul“ an Neie Lycée sech sollen een Numm ginn. Och de Réidener Lycée ass een neie Lycée, a mir hunn där neier Lycéeën nach ge-plangt. All Kand an all Eltere sollen därefe soen: „Eis Schoul ass eng schéi Schoul“ oder „Ech gi gären an eis Schoul“. Bäi aller Sympathie fir all eis Pilotprojeten, hei ginn einfach Wiederder dem allgemenge Sproochgebrauch geklaut, an dat ass net korrekt.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président**.- An ech soen dem Här Adam Merci. Als leschte Riedner ass den Här Roby Mehlen agedroen. Här Meh-len, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Merci, Här President. Erlaabt mer och unzufänke mat engem Merci un de Rapporteur, deen eis hei am Detail erkläert huet, ëm wat et geet. Duerfir brauch ee sech och net direkt mat dem Contenu vum Projet opzehalen. Mir wëssen, datt de Projet zwee Deeler huet. Een, deen den Établissement vum Cycle supérieur an der neier Schoul ube-laangt, a méi e klengen Deel, iwwert dee mer hei net vill ze schwätze brauchen, fir en Oubli nozehuele bäi der Schafung vum Atert-Lycée, wou et ëm zousätzlecht Perso-nal am Pensionat geet.

Här President, ech wëll fir unzufänken ën-nersträichen, wéi wichteg datt d'Schoul fir eist Land ass, fir eis Économie ass, an en-ger Zäit wou mer net wëssen, wou mer hi-steieren, wou et drop ukënn, datt mer all

Jeudi,
23 avril 2009

Jonken dat Beschtméiglecht mat op de Wee ginn, well d'Zäite ganz sécher an der Zukunft net méi einfach ginn, an eng gutt Formation générale an eng gutt Formation professionnelle déi essenziell Viraussetzungen derfir sinn, datt ee Succès huet, an datt dat Land hei iwwerhaupt am internationale Wettsträit Succès huet.

Fir op de Projet kuerz anzegoen: Et gëtt, an ech widderhuelen do deelweis dat, wat d'Virriedner och scho gesot hunn, vu ganz positiven Experienze geschwat, wou mer frou gewiescht wieren, wann een da wirklech eppes Konkretes gesinn hätt. Madame Minister, et si Schüler no dräi Joer eriwergaangen an aner Lycéeën. Et wier wirklech eiser Meenung no noutwendeg gewiescht, datt ee relativ séier gekuckt hätt, wéi déi Schüler sech an den allgemenge Schoul-system integréiert hunn, wéi se do evoluéiert hunn. Mir mengen, si wieren ewell laang genuch op deem Parcours, datt een och do scho kënnt Resultater virweisen.

Insgesamt héiert ee vill Luef fir den Neie Lycée, an ech mengen dat wier gutt, well dat, wat d'Reaktiounen vun den Elteren a vun de Schüler sinn, schéngt eis awer wichteg ze sinn. Et héiert ee virun allem, dat fënnt ee jo och an den Documents parlementaires, datt bei där Evaluatioun, déi do gemaach soll ginn, d'Motivatioun vun de Schüler aussergewöhnlech gutt ass. Dat ass eppes, dat kann een net méi wéi ënnersträichen. Mir hunn an alle vorhergehenden Debatten ëmmer gesot, datt et fir d'Alleréischt op d'Motivatioun, souwuel vum Léierpersonal wéi vun de Schüler, an zu engem groussen Deel och nach vun den Elteren ukënnt, wann d'Schoul Succès soll hunn. Wa keng Motivatioun hannendru steet, dann ass d'Schoul, ass den Enseignement zum Échec condamnéiert.

Mir wëssen aus der PIRLS-Etüd, datt et bal kee Land op der Welt gëtt, wou d'Motivatioun vun de Schüler esou niddreg ass wéi hei zu Lëtzebuerg. Insofern muss ee begrëssen, datt déi nei Approche, déi am Neie Lycée gewielt ginn ass, dozou bäigedroen huet, datt déi Motivatioun besser ass an datt se och dann doduerch zu bessere Resultater féiert.

Et héiert een allerdéngs, datt bäi de Schüler och e bësse gesifft gi wier - fir et emol op gutt Lëtzebuergesch ze soen -, dat heescht, datt Schüler, déi sech net esou gutt an déi Schoul integréiert hunn oder esou, oder opgrond vun engem e bëssem opfällige Comportement relativ séier hätte misse goen. Duerfir sief och hei d'Fro opgeworf, déi mer eis ëmmer erm stellen: Wéi wäit si Resultater, déi bäi esou Projeten erauskommen, vergläichbar? Wéi wäit ass de Verglach mat dem classesche Schoulsystem iwwerhaupt fiabel? Wéi wäit kann ee sech op déi Resultater verloossen?

Dat bréngt mech zur Fro vun den Examen. Déi Schüler müssen déiselwecht Exame maache wéi déi, déi an de classesche Lycéeën sinn. Dat schéngt jo normal ze sinn. Dat soll jo och esou sinn, soss gesäit ee jo och net, wat dann do als Resultat erauskënnt.

Et ass allerdéngs esou, datt virun allem duerch déi Mémoires, duerch verschiddenen Aktivitéiten d'Kompetenze vun deene Schüler op verschiddene Gebidder ganz sécher besser si wéi déi a classesche Lycéeën, wou vläicht méi drop gehale gëtt fir ze büffelen a fir Wëssen, wat ee registréiert huet, erëmginn a vläicht manner fräi ze schafen a manner kreativ ze schaffen. Duerfir schéngt et eis och net ganz gerecht ze sinn, wa se duerch deeselwechten Exame misse goen an zousätzlech Kompetenzen, déi se vläicht hunn, do net kënnen en valeur setzen.

En drëtten Punkt, deem ech wollt uschneiden, ass deen, an dat begrësse mer ausdrécklech, datt den Enseignement soll a Modular geschéien, wou eng relativ grouss Flexibilität dran ass, wou d'Schüler och selwer kënnen zum Deel wielen, wou se Fräiraum kréien, fir och verschiddenen Aktivitéiten ze maachen, déi zu hirer Kreativitéit, zu hirer Selbstständigkeit bäidroen. Dat ass eppes, dat kënnen mer grondsätzlech nëmme begrëssen.

Ech wëll och vun eiser Säit aus nach eng Kéier ënnersträichen, datt mir effektiv d'Reform vum Schoulsystem insgesamt doranner gesinn, datt een de Schoule méi Autonomie gëtt, datt effektiv - ech mengen, de Claude Meisch huet sech d'éinescht am selwechte Sënn geäussert - de Stat d'Rumm muss setzen, datt de Stat d'Ziler muss definéieren, e muss d'Moyenen zur Verfügung stellen, mä mer sollen dach ëm Gottes wëllen de Schoule genuch Autonomie ginn, fir selwer kënnen op hir Problemer anzegoen, selwer Solutiounen ze entwéckelen, flexibel op Problemer anzegoen, déi sech stellen, wat nach laang net an all Schoul déisel-

wecht sinn. Mir wëssen och, datt d'Schoulpopulatiounen net ëmmer déiselwecht sinn, datt d'Viraussetzungen net ëmmer déiselwecht sinn.

Här President, ech kommen zum Schluss. Mir fannen et positiv, datt dee Wee weidergefuert gëtt, deen elo ugefaange ginn ass. Et kann een natierlech iwwer villes diskutieren. Mir mussen weider kucken, wéi mer eis Schoul kënnen verbessern. Mir fannen, datt dat hei e Moyaen ass, deen een an deem Sënn soll exploitieren. Mat dem Wonsch, datt mer als Kommissioun esou séier wéi méiglech wirklech awer Resultater ze gesi kréien, géif ech soen, datt mir dësem Projet eis Zoustëmmung wëlle ginn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Mehlen Merci. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert, d'Madame Éducationministesche Mady Delvaux-Stehres.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur Merci soen an all menge Virriedner a Virriednerinnen, an ech freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet.

Ech ginn och zou, dass ech, wéi dat Gesetz hei 2005 gestëmmt ginn ass, gesot hunn: „Mir maachen nëmme e Cycle inférieur“, an ech war och der Meenung, mir sollten nëmme e Cycle inférieur maachen. Ech hu mech duerch - wéi soll ech dat nennen? - d'Beegeschterung vun de Schüler a vun den Elteren ustieche gelooss, déi mer zougesat hunn a gesot hunn: „Dir kënnt dat dach net maachen. Eis Kanner sinn esou frou an där Schoul, an elo obligéiert Dir se, déi Schoul ze verloossen.“ Un déi Argumenter hu sech natierlech d'Direktioun an d'Enseignantë vum Neie Lycée gehaangen.

An du krut ech och nach e Bréif vun der Commission d'évaluation et d'innovation pédagogiques, déi den Neie Lycée jo begleet, wou lauter auslännesch Unisproffen dra sinn, déi regelméisseg, op d'mannst zweemol am Joer, eng Zäit am Neie Lycée verbréngen an do kucken, wéi den Enseignement leeft. Déi hu mer geschriwwen, mir missten onbedéngt e Cycle supérieur un de Cycle inférieur hänken. Dunn hunn ech, well et muss ee jo och kënnen heiansdo seng Meenung revidéieren, gesot: „Okay, da sinn ech d'accord fir e Projet op den Instanze- wee ze ginn, fir am Neie Lycée e Cycle supérieur ze organiséieren.“ Duerfir freeën ech mech och haut, dass dat eng Zoustëmmung fënnt.

Da wollt ech nach soen, dass et awer u sech e groussen Ënnerscheid gëtt tëschent der Organisatioun am Cycle inférieur an am Cycle supérieur, well am Cycle inférieur hu mer jo all d'Ordres d'enseignement, déi zesumme sinn. Am Cycle supérieur oder Cycle de formation, wéi dat am Neie Lycée heescht, do kënnen mer natierlech de Classique organiséieren, mir kënnen och den Technique général organiséieren. Et gëtt awer onméiglech fir de Régime professionnel, den Technicien ze organiséieren, well dat implizéiert éischters eng immens Infrastruktur un Ateliers, an zweetens ass do esou eng Variétéit vu Formatioune, déi ganz spezialiséiert sinn, dass mer déi modular Organisatioun eigentlech do fir déi relativ kleng Zuel vu Schüler, déi awer am Neie Lycée sinn, net hikréien.

Mir fänken elo u mat dem Cycle de formation am Classique. Dat ass elo méiglech, well d'Modulen, déi zum Premièresexame féieren an deene verschiddene Sektoune, fäerdeg ausgeschafft sinn, zesumme mat deene Leit, déi um e-Bac schaffen, well den e-Bac jo och modular opgebaut ass. Do waren och aner Enseignantë vun anere Lycéeën drun associéiert. Dat heescht, do ass eise System prett, fir de modulären Unterrecht am Cycle de formation ze organiséieren, während am Technique général, wou mer dat och wëlle maachen, mer d'Modulen nach net prett hunn, an duerfir kann dat dëst Joer net ufänken.

Dann ass deen zweeten Ënnerscheid, géif ech soen, am Cycle inférieur sinn d'Schüler jo nach jonk, wa se dohinner kommen. Dat ass och eng Ganzdagsschoul, duerfir ass se jo och obligatoresch. Also déi, déi sech do aschreiwen, bleiwen de ganzen Dag an der Schoul, iessen do, während mer fir déi Schüler vum Cycle de formation soen: Déi vun Troisième hu méi e Besoin an en Usproch op Autonomie an op Fräiheet, déi müssen also net méi de ganzen Dag an der Schoul bleiwen.

Da gëtt et natierlech och eng Continuitéit. Am Cycle inférieur gëtt ganz vill Wäert ge-

luecht op Autonomie, dass d'Schüler léiere selbstständig ze schaffen, dass se léiere kleng Recherchen ze maachen, an dass dat progressiv ausgebaut gëtt. Dat gëtt am Cycle de formation verstärkt, an duerfir gesäit dee Cycle de formation vir, dass all Schüler muss op Troisième ee Mémoire maachen, zesumme mat minimum nach engem Schüler, also a Gruppe vun zwee bis véier. Op Deuxième muss en e Mémoire eleng maachen. Dat ass also eng Recherche, déi méi pousséiert ass, eng Verlängerung vun där Initiatioun vun der selbstständeger Aarbecht, déi een am Cycle inférieur mécht.

Da gëtt hei iwwert d'Virleift vum Neie Lycée fir Examen e bëssem ironiséiert. D'Optioun ass ganz kloer hei geholl, dass de Cycle de formation op Unisstudie virbereet. Dat ass jo d'Vocatioun vun de Cycles supérieurs am Classique, a fir d'Schüler ze preparéieren, mussen mer se léiere selbstständig ze schaffen, Saachen ze presentéieren, Saachen nozesichen. Mir müssen hinnen awer och d'Méiglechkeet ginn ze üben: Wéi assimiléieren ech eng gewësse Matière, a wéi stellen ech mech engem Examen? Dat sinn also déi zwee Voleten, déi hei opgebaut ginn.

Fir dem Här Adam seng Fro ze beäntwerthen: Also, et sinn op der Troisième 22 Modulen obligatoresch. E Modul ass ëmmer d'Equivalent vun zwou Stonnen an der Woch während engem Semester. 22 sinn der obligatoresch, zwee sinn der optional. Et muss een der zwee wielen an der Optioun, an da sinn nach Activités complémentaires derbäi, dont notamment zwou Activités complémentaires, an op d'mannst Turnen. Jiddweree muss Turnen an der Aktivité complémentaire maachen. Op der Première, vu dass et do kee Mémoire ze maache gëtt, sinn et 27 Modulen am Ganzen, déi mussen gemaach ginn.

Den Här Mehlen huet gesot, dat wier net richtig, dass d'Schüler vum Neie Lycée géifen an déiselwecht Exame goe wéi d'Schüler vun deenen anere Lycéeën. Dunn hätt ech awer gëf den Här Mehlen héieren, wa mer gesot hätten: „Mir maachen de Schüler vum Neie Lycée en aneren Examen.“ Da wier jo awer gesot ginn: „Ah, elo gesi mer et jo. Déi wëlle sech net vergläiche loosse mat deenen anere Schüler.“ Duerfir war ech der Meenung, dass et jiddefalls misst sinn, dass déi Schüler déiselwecht Premièresexame maache wéi all déi aner Schüler. Dat war jiddefalls meng Konditioun, well ech jo am Fong au départ gemengt hat, d'Schüler kéinten no der Quatrième eriwuer an déi aner Lycéeën goen. Wa se an hirem Lycée bleiwen, mussen se awer deeselwechte Premièresexame maache wéi déi aner Schüler.

Da waren e puer Remarques, déi ech nach opgefaangen hunn, wou ech wollt dozou ee Wuert soen. Ech hu mech gefreet iwwert dem Här Meisch seng Aussoen. Ech sinn och mat senger Haaptausso d'accord, dass mer de Schoule solle méi Autonomie ginn, dass een net misst e Gesetz maachen, fir hinnen eng gewëssen Autonomie an eng Fräiheet ze ginn, mä dass d'Politik soll de Kader setzen an dann och Evaluatioun maachen.

Ech wollt do just bemierken, dass dat genau dee Modell ass, dee mer am Gesetz iwwert d'Grondschoul préconiséieren. Do kréien d'Schoule méi Autonomie, si müssen e Plan de réussite scolaire maachen a si müssen d'Ziler erreechen, déi vun der Politik virgeschriwwen ginn. Ech denken, dass een dee Wee selbstverständlech soll weiderféieren, an esou freeën ech mech op déi Continuitéit an der Politik dann an deenen nächste Joren.

Dann zum Numm vun deem Neie Lycée. Ech sinn domadder d'accord, mir sinn eis alleguerten eens, dass een deem Kand eigentlech misst en neien Numm ginn. De Problem ass, dass dat jo e partizipative Lycée ass, dass do ganz vill Propositionen fir Nimm virleien, an deen Eenzege, dee bis elo déi meescht Enseignantë vun deem Neie Lycée ralliiert huet, huet mech nach net ralliiert. Duerfir hu mer dem Kand nach ëmmer keen Numm ginn. Mä ech denken, dass mer awer an deenen nächste Méint vläicht nach Fortschrétt do kéinte maachen.

Da wollt ech ee Wuert soen zu enger Remarque, déi ech vun Zäit zu Zäit héieren, dass den Neie Lycée sech jo géif d'Schüler eraussichen, a wa se net genehm wieren, da géife se probéieren se lasszeginn. Dat huet den Här Mehlen hei esou uklänge gelooss. Ech hunn déi Remarques alt héieren, an dann hunn ech dann ëmmer nogefrot. Et gëtt Schüler, déi den Neie Lycée verloossen, well den Neie Lycée jo eng Ganzdagsschoul ass. Dat heescht, d'Kanner müssen de ganzen Dag doubleiwen. Et gëtt Kanner, déi dat net wëllen. Et gëtt och Kanner, déi vläicht mat méi Recherche a méi selbstständig schaffe méi Problemer hunn.

Et gëtt der also, déi de Lycée wiesselen. Et gëtt och ëmmer Schüler, déi vun anere Klassen eriwuer an den Neie Lycée kommen. Et ass also parfaitement méiglech, vun engem Lycée an den Neie Lycée a vum Neie Lycée an aner Lycéeën ze goen, contrairement zu deem, wat d'Leit oft mengen. Et ass mir och wichteg, dat hei ze ënnersträichen, an ech denken, dass déi Mobilitéit och eng Méiglechkeet ass, déi een de Schüler an den Elteren muss loosse.

Da wollt ech nach eppes soen zur Evaluatioun. D'Gesetz gesäit vir, dass den Neie Lycée duerch eng extern Evaluatioun begleet gëtt. Dat mécht d'Uni Lëtzebuerg fir de Ministère, a mir hunn, wéi gesot, deen Accompannement duerch déi Commission d'évaluation et d'innovation pédagogiques. Ech hat gehofft haut méi eppes Substanzielles kënnen ze presentéieren. Dat Eenzege, wat ech elo kann hei ofginn, ass déi Evaluatioun, déi gemaach ginn ass nom éischten Joer Neie Lycée.

Do hate mer ee Questionnaire an och eng Lernstandserhebung gemaach mat alle Schüler, déi deemools op Septième waren. A well mer jo Témoin gebraucht hunn, hate mer déi aner Lycéeën gefrot, wien interesséiert wär fir matzemaachen. All d'Lycéeën hate matgemaach. Dat war also déi éischt ganz Evaluatioun vu sämtleche Septiemen, déi mer zu Lëtzebuerg haten.

Ech kann dat och hei ofginn, Här President.

(Dépôt d'une documentation)

Da sinn eng ganz Rei Questionnaires ausgefüllt ginn, opgestallt ginn. Do hu mer d'Auswäertungen nach net, well d'Gesetz gesäit jo vir, dass d'nächst Joer muss d'Evaluatioun virleien. An d'Uni Lëtzebuerg ass amgaangen, dat alles fäerdeg ze maachen.

Ech wollt och nach hei soen, dass déi éischt Schüler vum Neie Lycée jo dëst Joer op den Dixième sinn, vu dass déi, déi d'lescht Joer op Neuvième waren, well et keng Verlängerung ginn ass, dëst Joer an aner Lycéeën eriwergaange sinn, wou se sech ganz gutt duerschloen - mir hu jo d'Resultater vum éischten a vum zweeten Trimester.

An da kënnt natierlech e ganz spannende Moment. De Moment lafen d'PISA-Épreuves zu Lëtzebuerg. Dëst Joer ass déi éischt Kéier, wou Schüler vum Neie Lycée derbäi sinn, well se d'lescht Kéier bei PISA jo nach net den Alter hate vu 15 Joer. Déi Resultater kréie mer allerdéngs eréischt d'nächst Joer, mä d'nächst Joer wäert dann also wirklech dee Moment sinn, wou mer ganz vill Elementer zesumme kréie vun där Evaluatioun.

Dat gesot, wollt ech nach eppes Leschtes soen. Den Neie Lycée leeft zu Hollerech an enger Infrastruktur, déi net just optimal ass, besonnesch wann d'Schülerzuel zouhëlt. Am Ufank war vill Plaz fir all d'Septiemen, elo gëtt et enk. De Projet, fir zu Miersch ze bauen, ass déposéiert. Ech hu mer soe gelooss, dass den Avis vun Conseil d'État elo ganz geschwé géif kommen. An ech géif just hei den Appel lancéieren, dass mer dee Projet nach géife virun Enn vun der Session kéinte gestëmmt kréien, well soss gëtt et ganz spéit, fir de PPP ze lancéieren, an da kréie mer erëm nach Retard par rapport zu där relativ laanger Zäit, déi mer brauchen, fir eng definitiv Infrastruktur ze kréien.

Dat wär also mäin humblë Wonsch, deen ech am Numm vu mir a vun der Communauté scolaire vum Neie Lycée kéint hei ausdrécken.

Dat gesot, soen ech Merci fir d'Zoustëmmung an...

» **M. le Président.** - Entschëllegt, Madame Minister. Den Här Adam géif Iech nach gär eng Fro stellen.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Jo.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Jo, Madame Minister, ech freeë mech och dann an ech wënsche mat Iech, datt dee Bau virugeet. Dir hutt elo kee Wuert gesot iwwert d'Gréisst vun den Internaten, déi ech e bësseleche bedenklech fannen.

Kënnt Der eis Bedenken do deelen oder mengt Der, mir sollen eis do keng Suerge maachen? Also, honnert intern Schüler bei engem Lycée schéngt eis ënner Émstänn grouss.

(Interruptions)

» **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Sou, elo wéilt ech eppes... Ech mengen, dat eent Gesetz vum Internat zu Réiden, dat ass jo - ech weess net wéini - gestëmmt ginn. An dofir musse mer, well do net genuch Éducatoure virgesi sinn, fir dass mer kënne méi Kanner do ophuelen, Éducatoure bäikréien. Ech mengen, do ass jo näischt méi drun ze änneren.

Elo wéilt ech eppes soen zu Miersch. Zu Miersch gëtt en Internat gebaut, wat eng gewësse Gréisst huet, mä do solle jo Schüler kommen an den Neie Lycée, dat ass déi eenzeg Struktur, déi mer esou am Land hunn, awer do sollen och Plaze si fir déi, déi als Noper vum Neie Lycée... Am PPP kënnt jo den Institut...

(Interruption)

Den LTPES gëtt dohinner gebaut. An dat ass och eng Structure, eng École unique am Land. Et gëtt nëmmen eng Schoul, wou Éducateuren zu Lëtzebuerg ausgebilt ginn. Déi kommen och op Miersch, an do brauche mer och Plaz fir Schüler, déi kënnen do schlofen. Et ass also net en Internat, wou Dir sot, wou Schüler mat Problemer dra sinn oder déi eventuell...

(Interruption)

Ech hunn näischt gesot iwwert d'Internater vu fréier. Ech mengen, do war dat eng ganz aner Situatioun.

Mä mir kréie ganz oft d'Demande adreséiert, dass et Kanner gëtt, fir déi et gutt wär, wa si eng Zäit an engem anere Milieu kéinte liewen. Dat si Kanner, déi awer da ganz intensiv musse betreit ginn, an do gi mer zesumme mam Ministère de la Famille op de Wee, fir kleng Unitéiten ze maache mat enger ganz intensiver Betreiuung.

An dësem Fall, wou mer am Land zu Miersch zwou Schoule kréien, déi et nëmmen eemol am Land gëtt, wou mer dann och verschidden Alteren hunn, et si méi Klenger a méi Grousser. Dat sinn eigentlech och separat Unitéiten, déi separat géréiert ginn, sou dass ech mengen, dass dat hei awer déi richteg Dimensioun hätt.

An duerfir soen ech lech nach eng Kéier Merci, dass Der dat Gesetz stëmmt.

» **Une voix**.- Très bien!

» **Une autre voix**.- Gär geschitt!

» **M. le Président**.- Ech soen der Madame Minister Merci. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur...

Ah, entschëllegt, d'Madame Brasseur.

» **Mme Anne Brasseur (DP)**.- Jo, Här President, mir hätten als Demokratesch Partei gär gehat, et sollt e Vote par division gemaach ginn, well all d'Membere vu menger Fraktioun d'accord si mam Volet vum Internat, fir dass do dat néidegt Personal zur Verfügung gestallt gëtt; well mer awer net all därselwechter Meinung sinn, wat den Neie Lycée ubelaangt.

Elo ass et awer esou, dassdeen Text vum deem Projet de loi esou aneneegräift, dass déi Divisioun ganz schwéier méiglech ass. Ech wëll der Chamber erspueren, elo mussen hei e ganz laboriösen Exercice ze maachen. Duerfir verzichte mer dann op déi Demande, déi mer kéinte stellen, fir e Vote par division ze maachen.

Ech wëll lech awer da soen oder nach eng Kéier répétéieren, dass ech gär fir de Volet vum Internat gestëmmt hätt, dat awer net ka maachen, géint de Projet dann dans son ensemble muss stëmmen, well ech géint de Volet sinn, fir den Neie Lycée ze verlängeren.

Ech sinn nämlech mat där Approche vum Neie Lycée à la base net d'accord. An dann, en bonne logique, kann ech net d'accord sinn, dass dat dann nach bis Première virugeféiert gëtt. Duerfir wollt ech eben d'Wuert nach eng Kéier kréien, fir dat ze präziséieren.

Merci, Här President.

» **M. le Président**.- Merci och, Madame Brasseur. Mir kommen dann awer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5883.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration.

» **Une voix**.- Meng geet net!

(Brouhaha général)

» **Une autre voix**.- Här Wagner, Dir hat gutt geschwat.

» **M. le Président**.- D'Resultat ass folgend: De Projet de loi 5883 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei enger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. D'Enthalung oder d'Nee-Stëmm, mengen ech, ass virdru begrënnt ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Norbert Hauptert), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Thiel), Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider (par M. Ben Fayot), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

A voté non: Mme Anne Brasseur.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Domadder ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5881B iwwert d'Pratiques commerciales déloyales. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Sauber, den Här Berger, den Här Huss an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

2. 5881B - Projet de loi relative aux pratiques commerciales déloyales et modifiant

- la loi modifiée du 30 juillet 2002 réglementant certaines pratiques commerciales, sanctionnant la concurrence déloyale et transposant la directive 97/55/CE du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 84/450/CEE sur la publicité trompeuse afin d'y inclure la publicité comparative;

- la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales et modifiant l'article 4 de la loi du 2 juillet 1935 portant réglementation des conditions d'obten-

tion du titre et du brevet de maîtrise dans l'exercice des métiers;

- la loi modifiée du 16 avril 2003 concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance;

- la loi modifiée du 18 décembre 2006 sur les services financiers à distance

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

» **M. Alex Bodry (LSAP)**, *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, den 20. Mee d'lescht Joer huet de Wirtschaftsminister, den Här Jeannot Krecké, e Projet de loi iwwert d'Aféierung vum engem Code de la consommation agereecht.

An deem Projet de loi iwwert de Code de la consommation war och een Deel, dee sech mat der Definitioun an der Sanktioun vu sougenannten onfairen Handelspraktiken ofginn huet. Dobäi handelt et sech zu engem gewëssenen Deel ëm d'Ëmsetzung vum enger europäescher Direktiv 2005/29/CE, déi hätt misse scho bis den 12. Juni 2007 geschéien, wat awer net geschitt ass, wourophin och Lëtzebuerg veruerteelt ginn ass vum Europäesche Geriichtshaff an engem Uerteel vum 5. Februar 2009.

Et ass also urgent, fir ze handelen, a well keen Avis virlouch vum Conseil d'État iwwert dee ganze Projet, hu mer décidéiert als Kommissioun, fir de Regierungsprojet an zwee de splécken an deen Deel, dee sech mat der Ëmsetzung vum där europäescher Direktiv ofgëtt, dann an engem Spezialgesetz ze behandelen, deen dann och vum Conseil d'État positiv aviséiert ginn ass.

Déi Direktiv, déi vervollstännegt d'Lëtzebuerger Gesetzgebung iwwert de Konsumenteschutz, eng Gesetzgebung, déi an den 80er Joren haaptsächlech opgebaut ginn ass hei zu Lëtzebuerg, déi och duerch europäesch Impulser spéiderhi vervollstännegt ginn ass, a wou och haaptsächlech déi Matière, déi eis och hei betrëfft, haut an engem modifizéierte Gesetz vum 30. Juli 2002 schon ageschriwwen ass.

Fir Lëtzebuerg ass also deen Domän vum Konsumenteschutz an och d'Virgoe géint onfair Handelspraktike keen neien Domän. Et ass en Domän, wou mer scho länger Zäit eng spezifesch national Législatioun hunn, déi hir Preuven och bestanen huet, déi awer duerch deen heiten europäeschen Text positiv Elementer bäikritt, dass mer elo eng harmoniséiert Situatioun hunn an Europa, wou also och vill Handelspraktiken, déi jo iwwert d'Grenzen ewech ginn, da kënnen uniform eigentlech verfollegt ginn. A virun allem bréngt dat doten och e Plus natierlech fir de Bannemaart, den europäesche Bannemaart, an et bréngt e Plus fir de Konsumenteschutz insgesamt.

Dat Besonnescht un deem heiten Text ass, dass en ausschliesslech d'Relatiounen „business to consumer“ betrëfft, an net also d'Relatiounen ënner Professionellen. Dat ass en anere Champ d'application wéi d'Gesetz vum 2002 iwwert déi déloyal Handelspraktiken, wou souwuel d'Verhältnis Konsument/Professionell wéi Professionell/Professionell ofgedeckt gëtt.

Onfair Handelspraktike ginn also zu Lëtzebuerg ënner Strof gestallt. Och iwwert deen heiten Text gëtt also dee Prinzip nach eng Kéier confirméiert.

Wat sinn elo onfair Handelspraktiken? Den Text vum Gesetz gëtt do eng Definitioun. Onfair ass eng Handelspraktik, wa se contraire ass zu den Exigence vun der professioneller Suergfalt a wa se verännert oder kënnt zu Verännerunge féiere vum Behuele vum Konsument, wat eenzel Déngschtleeschungen oder Produkter ugeet.

An där weiderfuerender Iddi vun där Direktiv mécht dann den Text säin Ënnerscheed tëschent sougenannten irreführenden Handelspraktiken, irreführend Ënnerloossungen. Et kann also e positiven Accès sinn, deen irreführend ass; et kann awer och eng Omissioun sinn, déi kann de Konsument ierféieren.

Wat och interessant ass, de Gesetzesprojet hei - do iwwerhëlt en eigentlech eng Annex vun der Direktiv an de Corps vum nationale Gesetz eran - gëtt och eng net exhaustiv Lëscht vun allgemengen irreführenden Handelspraktiken, déi an alle Circumstancen also eng Illegalitéit duerstellen.

E puer Beispiller vläicht, fir dat ze illustréieren, wat ech gesot hunn. Wann een zum Beispill virgëtt, e Produkt hätt e Qualitétsla-

bel, deen et net huet, da läit een am Beräich vun enger allgemeng irreführender Handelspraktik. Wann ee seet, als Produzent géif ee sech engem Code de conduite ënnerleeën, an dat stëmmt net, da läit een och hei falsch an dann huet een en illegalen Akt gemaach. Wann ee seet, e Produkt, wat ee verkeeft, hätt en Agrément, dat Produkt huet deen Agrément net, da fält een och ënnert d'Bestëmmunge vun den irreführenden Handelspraktiken. Verstoppte Publireportagen an de Medien, dat heescht also Artikelen, déi eigentlech bezuelt sinn, dat awer net kenntlech maachen, dass et eng bezuelte Publireportage ass, dat ass strofbar, dat ass als eng allgemeng irreführend Handelspraktik unzegesinn.

Wann ee fir Produkter oder Servicer falsch Heelqualitéiten an de Vierdergrond stellt an engem Publicitéit, dann ass dat och falsch. A gradesou däerf een och net, wann een zum Beispill eng Liwwerung mécht, eng Rechnung oder eppes Ähnlech bälleeë bei e Produkt, fir esou eigentlech den Androck ze ginn, wéi wa schonn eng Commande do gewiescht wär, an et war eigentlech keng Commande do. Dat alles sinn also Beispiller, déi am Gesetzestext dra sinn, Beispiller vu sougenannten onfairen Handelspraktiken.

Da gesäit den Text och elo vum Gesetz vir, dass et eng Rei vun aggressiven Handelspraktike gëtt, déi och dann ënner Strof gestallt sinn. Och dat ass am Fong eng net exhaustiv Lëscht, déi hei opgefouert gëtt. D'Geriicht ka vu Fall zu Fall nach aner Behuelen och als onfair aggressiv Handelspraktik bezechnen.

Ech huelen och do e puer Beispiller eraus, well dat Beispiller sinn, mat deenen een all Dag oft konfrontéiert ass, ech mengen, jiddwereen - och hei am Haus. Zum Beispill, wann ee sollicitéiert gëtt iwwer Téléfon, iwwer Fax oder och iwwer elektronesch Courier, fir e Produkt ze kafen oder e Service ze kafen, wann dat sech ausserhalb vu vertragleche Verbindunge mécht, dann ass dat strofbar. Dann ass dat eng aggressiv Handelspraktik, déi zu Lëtzebuerg an an Europa verbueden ass.

Oder och, wann ee konfrontéiert gëtt mat Publicitéiten, déi virginn, dass een, wann ee gewësse Formalitéite mécht, kéint e Präis gewannen, dee Präis awer a Wierklechkeet net besteet, oder awer déi Formalitéiten, déi ee muss maachen, mat sech bréngen, dass ee selwer muss Geld bezuelen oder en Deel vun de Käschten iwwerhuelen. Dat ass eng aggressiv Handelspraktik, leider och eng allgemeng verbreeten Handelspraktik, déi awer zu Lëtzebuerg an an Europa illegal ass, an déi kann also sanktionéiert ginn.

Zoustänneg bleiwen d'Nationalstate bei der Ëmsetzung vum der Direktiv fir d'Festleeung vun de Sanktiounen, während se soss relativ weínege Spillraum hunn, wat den Text ugeet. Mir hunn och probéiert, en eent zu eent ëmzesetzen, andeem mer awer och Suerg hate fir eng Rei vun Acquisen am Konsumenteschutz hei zu Lëtzebuerg, besonnesch wat de Colportage och ugeet, deen zu Lëtzebuerg absolut verbueden ass, deen awer d'Direktiv ënner gewësse Konditiounen nach zouléisst, dass mer déi Interdictioun vu Colportage hei géifen halen. Ech hoffen, dass d'Europäesch Kommissioun dat och ähnlech gesäit respektiv net mierkt, dass mer op deen dote Wee wëlle goen.

D'Sanktiounen, déi hei zréckbehale gi sinn, sinn déi, déi och am 2002er Gesetz drastinn. Et kann een eng Action en cessation maachen, déi no engem Référéverfahre beim President vum Handelsgeriicht leeft. Normalerweis ass et awer eng Geldstrof, also eng Amende, déi vum Législateur elo hei festgehalen gëtt als Sanktioun, déi ka goe vun 251 Euro bis 120.000 Euro, déi also misst e relativ dissuasive Charakter hunn.

Wou mer eng Diskussioun haten a wou mer vläicht net honnertprozenteg zefridde sinn, dat ass déi legislativ Technik, déi hei ugewannt ginn ass. Mir mussen awer och soen, dass mer eigentlech keng och direkt ëmsetzbar Alternativ haten, fir et direkt besser ze maachen.

Et ass esou, dass mer hei am Fong elo an der Situatioun sinn, dass am Beräich vun den onfairen Handelspraktike mer zwee Gesetzer elo wäerten hunn: d'Gesetz vum 2002, wou de Champ d'application ganz large ass, an dat neit Gesetz vum 2009, wat e Champ d'application huet, dee méi restriktiv ass, wou deelweis lwwerschneldunge sinn, wou awer och d'Definitionen heiansdo llicht anescht sinn, well dat eent jo en europäeschen Text ass, dee mer mussen eent zu eent normalerweis ëmsetzen, dat anert zum Deel och national Texter sinn.

Dat ass sécherlech - loosse mer soen - fir d'Lesibilitéit, fir de Versteesdemech vum Konsument an och vum Professionellen,